



Dépôt: GOERGEN Marc

Heure d'actualité: Canicule de l'été 2022

Lëtzebuerg, den 20/10/2022



## Motioun

### D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:

- De Klimawandel huet och Lëtzebuerg längst erreecht ;
- Meteolux huet dëse Summer vun enger "Rekordsonnenscheindauer" souwéi vun enger vun den héchsten Duerchschnittstemperaturen geschwat ;
- De Summer 2022 war de sonnigsten zënter 1947 an och den Zweetwärmsten ;
- Dës Wiederextremer treffe virun allem déi Schwächst an eiser Gesellschaft. A grad déi géllt et an dësen Zäite virun den Auswierkunge vum Klimawandel ze schützen ;
- Virun allem d'Mënschen, déi op der Strooss liewen, si wärend den héijen Dagestemperaturen enger grousser Gefor ausgesat. Si hunn dobaussen net vill Méiglechkeeten sech virun der Hëtzt ze schützen an sech genuch ofzekillen an ze hydratéieren ;
- Et gi laut dem Familljeministère zwar schonn eng ganz Rei Mesuren, déi a solche Fäll geholl ginn, mee dës si punktuell an mat groussen zousätzlechen Belaaschtungen fir d'Leit um Terrain verbonnen ;

### Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:

1. d'Wanteraktioun duerch eng "Summeraktioun" ze ergänzen. Et soll am Summer eng Struktur fir Sans-abrisen opgemaach ginn, wou si Schied fannen, fir sech virun der Sonn an der Hëtzt ze schützen.

Marc Goergen



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)